

## Nodenkerlech

Eis Mammesprooch ass fir vill méi ewéi e puer topeg graff Witzzen ze gebrauchen. Wien si talenteméisseg «bannenan» huet an hir natierlech Grenze respektéiert, dee kann äis domat verwonneren a kleng Goldstécker schenken. Mir haten an hunn en etlech Schreiwerten, déi et an der Qualitéit absolutt mat hiresgläichen aus de grouse Kultursproochen ophuele kënnen. Een dovun ass ganz sécher **den Tit Schroeder**, hien a seng Fra Erna sympathesch Frënn vun eiser Actioun fir d'Heemechtsprooch. Hei dann e klenge «Zäit-Gedicht» vum Professor Schroeder, dat jidderengem eppes ka ginn, deen sech net nëmme vun eiser «hoosseleger» Zäit an dem Geldsak matrappe léisst:

### Ëm Allerhellgen

Dag fir Dag – e ganze Mount  
Hält den Hierscht eiser Lann  
Blat fir Blat, sou datt de Mount  
all hir Rëpper taaschte kann.


Woch fir Woch gëtt d'Nuecht méi king,  
stieft der Sonn hir gëllen Zäit...  
Gëschter war nach alles gring  
do, wou haut den Niwwel läit.

Dag fir Dag – a Stonn fir Stonn,  
Mount fir Mount a Joer fir Joer  
trëmmele wéi d'Laf am Gronn  
iwrem Summer senger Bor.

## Integréieren? Wéi a wou?

«Integratioun/integréieren», Ausdréck déi vrun enger Dose Joere knapps ee gebraucht huet, e bëssen e «plastiks Alibi». Et wussten der an der Zäit och rosewéineg eppes domat unzefänken. An ower hunn sech Joer fir Joer **dau-sende vun auslännesche Leit hei prima integréiert**, an eist Land an seng Leit eran integréiert, ouni datt do vill Gedäch gemaach ginn ass. Si hunn sech eragelieft, dat heescht era gewinnt; si un äis a mir un si. Et ass jo **net nëm-men eng Fro vu Sprooch, mä och vu Liewensart a -weis**, vu Gesellschaft mat all hiren Elementer wéi Noperschaft, Kreeser vu Frënn, Schoul, Sport, Musek, Theater, Kierch, Veräiner asw. Et ass a bleift eng Fro vu Kultur am breetste Sënn. Natierlech och vu Respekt. Ee fir den aneren!

Wéi dacks hu mir ewell hei driwwer geschriwwen, datt et nach laang net esou einfach ass, de Lëtzebuerg hir Sprooch ze léieren. Firwat? Mä si schwätzen hirt **Lëtzebuergesch bal nëmmen enner sech**, a mat auslännesche Leit babbelen si hirt klengt Franséisch, Däitsch oder Englesch... an domat ass da kengem gehollef. Eis Nationalitéit soll et dann elo, nom ‚projet de loi‘, och net méi ouni e bestëmmte «Quantum Sproochwësse» ginn. Dat ass séier gesot, geschriwwen an och gestëmmt. Mä wat heescht dat an der Praxis? Wéi – wéini – wou – wéivill a mat wem soll ech dann dat am Lëtzebuergesche kënne maachen, wann ech vu Bordeaux, Cordoba, Evora, Manchester asw. kommen? Do geet am Gesetz vu «règlements grand-ducaux d'exécution» d'Ried... mol kucken, wéi dat 'a Musek gesat gëtt. ■ P.W.



## «EISES»

100 % – 80 % – 60 %...

Dir fannt eist «Buchheft ‚EISES‘» elo an alle wichtege Bicherbutteker... 180 Säiten/15 €. Eis Membren haten et ewell an hirer Bréifkëscht. **Et ass keen «Dictionnaire»** a kee Buch fir «einfach ze liesen», mä eng alphabéitesch zesummegehalt «Collectioun/Sammlung» vun «Typeschem» aus eiser Sprooch. Déi kann een einfach duerch **kucken**, senges Perséinlechen **dobäischreiw**, iwwer Ausdréck nodenken... oder och a speciale Kolonnen op däitsch a franséisch **iwwersetzen**... plazeweis eng haart Noss. Mä wéi ass et mat ären Zänn?!

Natierlech stellen sech elo Froen: **Gëtt et da vun deem Buch kee «corrigé», keng «Bréck»** vum Lëtzebuergesch an d'Däitsch/Franséisch? Ganz bewusst net. An dat huet op d'mannst zwou Ursachen:

– Souvill Leit ewéi méiglech sollen erausfannen, datt eis Sprooch dach ower méi u sech huet ewéi «schlecht Däitsch» oder verdrudelt Franséisch, also e Stéck EISES! D'Reaktioun solle sinn: **aha! abeejo! ma't ass nawell wouer! nu kuck emol do! dat hat ech wierklech net be-/geduecht**... d'Gefill an esouguer e gudder Bewäis, datt d'Lëtzebuergesch wierklech en Haaptstéck vun eiser Identitéit ass. Vläch bréngt et och nach e sëlliche Leit dozou, aner Ausdréck ze bedenken... an déi bäizeschreiw.

– Déi perséinlech däitsch/franséisch Iwwersetzungen fannen, ass fir jiddere wierklech eng Erausforderung, e bëssen op d'Fassong wéi e Rätsel, op jidder Fall gutt fir de Käppche schaffen ze dinn. Wien eng Grimmel Donst vu Pädagogik a Schoul huet, dee weess, datt eng kniwweleg Fro am meeschten Nodenkes a Spannung an d'Saach bréngt.

**«EISES» ass net fir einfach an de Schaf ze stellen**, mä fir «bei Hand» ze halen, vläch e bëssen dran ze bliedern a fir eppes dran ze maachen, wann een e bëssen Iddi dofir huet... grad ewéi déi Leit, déi z.B. e Rätselbuch um Kicheshaf oder nieft der Televisioun (vläch och soss enzou) leien hunn. Vrun allem kënt ee sech och **an der Schoul** schéi Stonnen domat virstellen. Mir wënschen iech vill Chance bei deer «Tiermerei»! De Benefice ass fir eis/är Sprooch.

## e Witz?

Wat ass den **Ënnerscheid tëscht Theorie a Praxis**? Wann ee versteet, wéi eppes geet, ower et funktionéiert glat näischt... dat ass Theorie. Wann een net bekäppt, firwat eppes leeft, an et rullt prima... dat ass Praxis!

Bei deer lëschteger – wann och iwwerdriwwener – Definitioun mussen der vill u kleng Geschichten denken, déi mat geschéckerlechen Handwierker an Theoretiker mat zwou lénken Hänn ze dinn hunn.

Da probéiert emol an deem Sënn iwwer Sprooch nozedenken... och iwwer d'Lëtzebuergesch.

## «Onse Fuendel héich ze halen...»

vum Lex Roth



(FOTO: TEDDY JAANS)

reeche mir ons d'Brudderhand!» Dat hu ‚mir‘ am Krich gemaach, esou wéi et am Lidd heescht, dat aus puerer Angscht vir der Nazi-Invasioun gesong ginn ass. Leider hunn der zevill et mat Gesondheet a Liewe bezuelt. Wéivill Leit wëssen dach nach ze verzielen, datt de Fändel de ganze Krich duerch gutt verstoppt drop gewaart huet, erëm an d'Fräiheitsloft ze kommen. **Déi allermeescht rout-wäiss-blo Fuendele waren 1939 fir d'Onofhängegkeets-Feiere kaaft ginn** a kruten eng ‚Stopp‘. Ech ka mech vun doheem och nach ganz gutt erënneren, dat een als Kand um Späicher déi gëlle Fändelsspétt net aus den Ae gelooss huet; d'Staang long fir sech, ower fir de Fändel selwer ze fannen, hätten d'Nazi-Banditten d'Haus ewell missen an e Koup rappen. Wat dat einfach Stéck Stoff fir deemools bedeit huet, brauch ee kengem aus deer Zäit ze verzielen... et huet dofir als Argument ganz sécher och seng voll Berechtigung an der Fändel-Diskussioun vun haut!

Eis KLACK fir d'Sprooch ass méi ewéi eng Dose Joer um Pénken. **Net eng eenzeg Kéier hu mir hei Nationalfeierdag oder «d'Journée de la Commémoration Nationale» ni ouni e ‚Féngerchen‘ op eise Fändel eriwuer goe gelooss**. Mir hunn all Kéier drun erënnert, watfir eng symbolesch Bedeitung et hätt, déi Deeg de Lëtzebuerg Fändel erauszehänken, deen «einfachen» oder de «Roude Léiw»! Leider ass dat och op munneche Plazen als «nationalistes, konservativ» oder soss eng bëlle Dommheet ausgegréngt ginn. Esouguer vu Leit, déi elo mengen, si missten haut – aus watfir enger Ursach och ëmmer – mam «Roude Léiw» dorëmmer flankéieren. Näischt géint sympathesche Folklor, mä **dat Allerwichtigst bei deer ganzer Zermeschterei war, ass a bleift, datt mir a voller Fräiheet zesumme beim Fändel als Zeeche vun eiser nationaler Souveränitéit stinn**. Watfir een? Dat kënt eréischt un zweeter Plaz. Ob elo mam Fachjargon vu «burelé, azul, de gueules, queue fourchue en sautoir...» geschwat gëtt oder einfach vu «rout-wäiss-blo, mat gespléktem Schwanz an no hannerzeg iwwergeworf...», dat iwwerléisst een am beschten der heraldescher Fachsimplerei; dat kann een ower och als seriösen Historiker (Margue, Trausch, Klein...), als gutt reneignéierten Amateur oder «normale» Bierger maachen... mä sech vrun allem respektéieren!



A mir hei an deer Diskussioun? Mir hunn an der Actioun-Lëtzebuergesch keng extra Ëmfro gemaach, mä probéieren emol, eng Propos ze ginn, mat deer vläch all Meenung zefridde kënt sinn: **dem Grand-Duc säi Wope mam duebele Roude Léiw an deem vun Nassau eran an dat Wäiss vun eisem rout-wäiss-blo Fändel setzen?** Domat wier och keng Verwiesselung mam Fändel vun der belscher Provënz «Luxembourg» méiglech... déi jo iwregens kee souveräne Staat ass! Dann hätte mir eng ‚Synthes‘ vun deenen zwou Meenungen an et kënt jiddere domat liewen. Dat Faarwe- mat Wopemuster fanne mir a ganz villen National-Fändelen, z. B. a Spuenien, Portugal, Kroatien asw. De rout-wäiss-blo Fändel selwer ass d'Symbol vun eiser international ofgesécherter Eegestännegkeet; eisem Grand-Duc säi Wope «erzielt», datt mir eng vum souveräne Vollek gewielte konstitutionell Monarchie mat déiwen historichesche Wuerzele sinn. Dee Virschlag illustréiere mir dofir an deser KLACK fir jidderengem däitlech a verständlech... a jiddere huet, ee Gléck! d'Fräiheet, dovun ze hale wat hie wëllt.

An dann? Mir wënschen äis alleguer, déi et éierlech an eescht mat deer Fro mengen, datt et keng onnéideg Reiwereien op deer ënneschter Stellage gëtt... an datt der esouvill wéi méiglech den 22. Juni 2007 a fir den 10. Oktober e Lëtzebuerg Fändel eraushänken... zugudderlescht dat Allerwichtigst!

## Verréckt? Leider wouer!

Stellt iech emol vir: Zu Rotterdam läit en Hollänner mat schwéieren Depressiounen am Spidol; hie gëtt vun engem italiénesche Psychiater «behandelt», dee kee Wuert Hollännesch versteet. Den Hollänner ka kee Paff Italiénesch. Mä dat gëtt et dach net, sot dir. Richteg: an Holland ass dat net dran, sou **eng sproochlech Hiermiddegkeet** gitt dir och net an Däitschland, Frankräich oder de Portugal sichen... mä hei bei äis ass dat ewell bal eng normal Geschicht. Trauereg? Neen, aremséileg... an doutgeféierlech!

Do läit fir den Ament e Lëtzebuerg Mann vun 78 Joer an enger Klinik, an hie gëtt wéinst Depressiounen «behandelt» (mir kennen de Mann an d'Klinik). A well et hei natierlech och excellent Neuropsychiatren aus dem Frankräich gëtt, ginn déi och un déi krank Lëtzebuerg gelooss. Alles an der Rei... vläch fir iech, oder fir mech. Mä wann dee gudder Mann ower kee Saz Franséisch versteet, scho guer kee schwätze kann... an de Psychiater keen Donst vu Lëtzebuergesch huet, dann ass dat dat Allerallerlescht! Dat ass Schilda, wann net esouguer eng «kafkaesk», bal kriminell Situatioun... déi eise Politiker, apaart de Gesondheits-Spezialiste muppeschwanz-egal schéngt. Doriwwer gesäit een och keng «table ronde» op der TV, well et méi einfach ass, Séissholz iwwer allméigleche Konscht-Jux a «Beweg-Dech-Leafereien» ze raaspelen. Huet ewell een sech an de Medien der Sproochproblematik am Spidoolmilieu hirer «erbaarmt»? Mir hunn och nach net vill iwwer dee koppegen Zoustand gesinn, datt hei Juristen installéiert sinn, déi nëmme hir Sprooch verstinn a schwätzen, ouni datt op de Privatmënsch vrum Riichter gekuckt gëtt... wéi ass et dann domat an anere Länner? Et wier fir ze laachen... mä et ass fir ze kräischen!... a wat seet am Klinikfall eise «Patienteveräin»?